



successiv Regierungen och e Verdéngscht un dëse positiven Entwécklungen. Si hunn de le-gale Kader geschafen, deen et eise Filmschaf-fenden erméiglecht huet, aus engem Ama-teurssecteur Enn vun den 80er Joren, wou et nach keng staatlech Ënnerstëtzung gouf, eng professionell Industrie opzebauen, déi Unerken-nung op der internationaler Bühn fënn.

Et sinn haaptsächlech déi méi wéi 700 Leit hei zu Lëtzebuerg - Produzenten, Techniker, Schauspiller, Réalisateuren a Scénaristen -, déi hiert deeglecht Brout am Filmsecteur verdén-gen, duerch deenen hir kreativ a kompetent Aarbecht mir Filmer aus Lëtzebuerg ëmmer erëm um kleng wéi awer och um groussen Écran kënnen gesinn. D'Précurseure vum Lëtze-buerger Kino hu missen e Secteur opbauen, deen et viru 25 Joer net ginn ass. Et gouf dee-mools keng professionell Strukturen, keng finan-ziell Ënnerstëtzen.

Hautdesdaags, Dir Dammen an Dir Hären, ass dat just de Contraire. Ech wäert méi spéit nach op déi Evolutioun an op de Bilan agoen. Lëtze-buerg huet an den 80er Joren am Kontext vun der ekonomescher Diversifizierungspolitik de Secteur vun der Kommunikatioun an Telekom-munikatioun mat dem Succès vun SES Astra an den Développement vum Grupp RTL-CLT weidergedriwwen. Dunn ass, an dat zu Recht, gemengt ginn, datt mir zu Lëtzebuerg net nëmme kéinten op d'Diffusioun vu Program-men setzen, mä, wann een en integrale Kom-munikatiouns- a Mediesector wëllt hunn, datt dann och Produktiounsaktivitéiten dozou géife bäidroen, där mer bis elo keng haten.

An ech wëll hei nach eng Kéier rappeléieren, datt d'Aiden, déi fir de Secteur vun der Produc-tion audiovisuelle zur Verfügung gestallt ginn, de But verfollegen, d'Diversifizierungspolitik am Beräich Medien, Kommunikatioun, ICT ze vervollstännegen. Esou kann dëse Secteur sech als Ganzt profiléieren, wou souguer munch Sy-nergijë méiglech sinn. Ech denken zum Beispill un de Lien tëschent der Animatioun an dem Gaming.

Esou ass dann dat sougenannt „Certificats-Ge-setz“ entstanden, dat nieft der direkter selektiver Hëllef, der sougenannter „aide financière sélec-tive“, dee Mechanismus duergestallt huet, deen et erméiglecht huet, zu Lëtzebuerg eng audiovisuell a Kinosproduktioun an domadder en neie Secteur ze kreéieren.

Fir d'Ëischt hu mer mam Certificats-Regime probéiert, international - virun allem nordame-rikanesch - Produktiounen op Lëtzebuerg ze zéien, mam Zil, iwwert den Transfert vum Know-how eis hei déi néideg Experienz, d'Ex-pertise an och de Produktiounsvolumen ze ginn, fir eis Leit auszubilden nom System „lear-nig by doing“ an esou schnell wéi méiglech eng aktiv professionell Industrie ze entwéckele.

No an no hu mir eis awer ëmmer méi op euro-päesch Koproduktiounen konzentréiert. Vill international réputéiert Filmer sinn esou entstanen. Ech denken un „Girl with a Pearl Earring“, 2003, oder méi rezent „The Congress“, 2013, dee beim europäesche Filmpräis am Dezember zu Berlin de beschte Long-métrage d'animation gewonnen huet, oder och nach „Ernest et Célestine“, deen de César kritt huet a fir en Os-car nominéiert war.

Méi wéi 550 Produktiounen sinn an deene leschte 25 Joer entstanden, fir en Investment vu ronn 300 Milliounen Euro. 60 Nominatiounen an 20 Präisser hunn eis Filmer bei de be-kannteste Festivale wéi Cannes, Annecy, Berlin, Locarno a Venedeg gewonnen. A mir dierfen net all déi aner Festivalen a Präisser vergiessen. Et sinn der wäit iwwer 200, déi eis Kopro-duktiounen an deene leschten 20 Joréngte (veuillez lire: 20 Joer) konnte gewinnen.

A wien erënnert sech net un de wonnerschéi-nen Dekor vu Venedeg, deen zu Esch entstanen wor, eist klengt Venedeg?

De Certificats-Regime an d'Aides directes hu regelméisseg zesumme fonctionnéiert a wore fir d'Lëtzebuerger Filmschaffend de Garant fir hir Part de financement an enger internationa-ler Produktioun.

Contrairement zu anere Länner, wou d'Pro-duzenten nient der nationaler ëffentlecher Ënnerstëtzung och nach op regional Aiden, In-vestissementen vun Tëleechainen oder -distrib-uteure kënnen zrëckgräifen, ginn et zu Lëtze-buerg keng aner finanziell Ënnerstëtzung-squelle wéi d'Hëllef, déi de Stat zur Verfü-gung stellt.

Et ass dofir wichteg, datt eis Filmer a Kopro-duktiounen mat auslännesche Partner gemaach ginn. An an deem Kontext ass et och esou sënnvoll, datt mir international Kopro-duktiounstraitéen ënnerstëtzen. Mir hunn der am Moment siwen, datt sinn nieft Kanada a Québec, Däitschland, Frankräich, d'Schwaiz, Eisträich an Irland, dee leschten, dee mer virun dräi Joer ënnerschiwwen hunn. Säitdeem si

siwe Long-métragen tëschent eisen zwee Län-ner entstanden oder sinn an der Entwécklungs-phas.

Déi gutt international Relatiounen, déi eise Sec-teur konnt opbauen, an dat virun allem duerch de Lëtzebuerger Filmfong, hëllef, d'Bild vum Grand-Duché dobaussen ze veränneren. Net nëmme droen déi vill Produktiounen, déi hei am Land realiséiert ginn, dozou bäi, eis Image de marque ze diversifizéieren. Neen, et gesäit een dobaussen, datt Lëtzebuerg och am krea-tive Beräich international eppes unzibidden huet. An als Kulturminister kann a wëll ech hei ënnersträichen, datt dat an anere Kulturberäi-cher wéi Theater, Musek, Danz, Literatur, Arts plastiques an Architektur och de Fall ass. Mir mussen derfir suergen, iwwer eise Kultursecteur en général dobaussen nach besser ze commu-niquéieren.

Eise Filmsecteur huet esou munches opzeweisen. Mir hunn hei am Ländche méi wéi 30 Réa-lisateuren, déi mindestens schonn ee professio-nelle Court-métrage realiséiert hunn. Och bei de Schauspiller ass et zu enger Professionaliséierung komm. Ëmmer méi oft gesi mer se an internationale Filmer oder och a méi grouse Rollen.

Besonnenesch den Animatiounssecteur huet sech an deene leschte Jore massiv weiterentwéckelt. A véier verschiddenen Animatiounsstudioe ginn hei international Televisiounsserien, Court- a Long-métrage realiséiert an 2D respektiv 3D an och an 3D-Stereoskopie. Domadder sinn déi Filmer gemengt, wou Der musst all en extrae Brëll andoen.

Déi zwou Oscar-Nominatiounen, souwuel vun „Ernest et Célestine“ wéi déi vum „Mr Hublot“, bewiesen, wéi d'Qualitéit a wéi wichteg dëse Beräich bei eis ass. 30% bis 40% mécht d'Ani-matioun an eise gesamt Produktiounsvolu-men aus.

Eis Lëtzebuerger Techniker sinn international bekannt fir hir Qualitéitsaarbecht, hir Flexibili-téit souwuel a franséisch-, däitsch- oder eng-leschsprochege Produktiounen. Dat ass e grouse Virdeel vis-à-vis vum Ausland an esou munchen auslännesche Réalisateur kënn regel-méisseg zrëck op Lëtzebuerg, fir hei mat där-selwechter Equipe nees ze schaffen. Och ginn eis Techniker vun hei op Produktiounen enga-géiert, déi näischt mat Lëtzebuerg ze dinn hunn.

Grouss Investissementer sinn am Beräich vun der Postproduktioun hei zu Lëtzebuerg vu pri-vaten Investisseure getäteg ginn. Soundstu-dioen, Mixage- a Montage-Plateau sinn entstanen, déi et erlaben, ënner héich professio-nelle Konditiounen Filmer fir d'In- an d'Ausland ze finaliséieren. Mä och d'Filmstudioen zu Conter oder nach de rezente Studiokomplex, deen zu Kielen opgaangen ass, beweisen, datt och de Privatsecteur un d'Entwécklung vum Produktiounssecteur zu Lëtzebuerg gleeft.

Eis Produzente sinn am Ausland sollicitéiert, an dat virun allem, well se e groussen Know-how hunn, wat d'international Koproduktioun ugeet. Mä dat gëtt eise Produzenten awer och eng grouss Responsabilitéit. Och wa mer hei an engem gréisstendeels subventionéierte Secteur aktiv sinn, heescht dat net, datt d'Regele vun der Economie net ze fonctionnéiere brauchen. Och hei mussen d'Produktionsgesellschaften „en bon père de famille“ operéieren. Dofir ass et och wichteg, datt de Lëtzebuerger Filmfong déi néideg Moyenen huet, fir de Contrôle vun de staatleche Subventiounen kënnen ze assuréieren.

Vill vun eise Produktionsgesellschaften si souwäit gaangen, datt se sech och internatio-nal entwéckelt hunn. Dat heescht, datt si ent-weder Succursalen am Ausland opgemaach hunn oder awer a Gesellschaften am Ausland investéiert hunn. Dat erlaabt hinnen dann och, an engem aneren Territoire Fouss ze faassen.

Et ass dofir och net verwonnerlech, datt d'De-manden, fir Projeten zu Lëtzebuerg a mat Lëtzebuerg ze dréien, an deene leschte Jore 40% bis 50% an d'Luucht gaange sinn. An der Regel ginn all Joer an der Moyenne tëschent 120 an 150 Demandë beim Filmfong agereecht. Datt déi awer net all kënnen finanziell ënnerstëtzt ginn, läit op der Hand, géif ech mengen.

Mir mussen awer derfir suergen, datt de Sec-teur, dee mer an deene leschte 25 Joer opge-baut hunn, stabiliséiert bleift a sech weider entwéckele kann. An dozou gehéiert och d'Éducatioun an d'Formatioun.

Mir hunn am Lycée technique des Arts et Mé-tiers e BTS fir Animatioun, dee gutt fonctionnéiert. Iwwer 75% vun den Ofschlossschüler fannen duerno eng Aarbecht an hirem Domän. Dës Regierung ass amgaangen ze analyséieren, fir de BTS Animation weider auszubauen. Am September kënn et elo nach e BTS audiovisuel derbäi, dee méi spezifesch op déi souge-nannten „Liveproduktiounen“ ausgericht gëtt.

An da wäerte mer och derfir suergen, datt déi audiovisuell praktesch Ausbildung a Fortbil-dung ugepasst un de BTS och ausserhalb uge-buede gëtt. Dofir mussen mir Politiker de Cadre réglementaire schafen, an deem de Secteur sech dann développéiere kann.

A wa mer wëllen, datt mer och nach an Zu-kunft eng europäesch audiovisuell Industrie be-halen, mat europäeschem Contenu, an net wëllen amerikaneschen oder asiatesche Pro-duiten de Virrang loossen, da mussen mer eis heemesch Produktiounen a Koproduktiounen mat ëffentleche Moyenen ënnerstëtzen. Dat mécht all anert europäesch Land, an och d'Euro-päesch Kommissioun huet Exceptiounen, en „block exemption“ fir d'audiovisuell Pro-duktiounen virgesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass dann och schéin ze gesinn, datt säit dem Enn vun den 80er Joren, wou mir déi éischt Hëllef fir den audiovisuelle Secteur zu Lëtze-buerg geschafen hunn, mer ëmmer quasi eng Unanimitéit hei an der Chamber fonnt hunn, wann et drëms gaangen ass, d'Gesetz iwwert d'Aiden ze optimiséieren. An dat schéngt jo och haut hei de Fall ze sinn.

Mir proposéieren - an d'Presidentin-Rapportrice vun der Kommissioun vum Projet de loi huet et betount -, dat Gesetz iwwert de Certificat au-diovisuel, dat elo méi wéi 20 Joer fonctionnéiert huet, ofzeschaffen an dem audiovisuelle Secteur déiselwecht finanziell Ënnerstëtzung iwwer en anere Wee zoukommen ze loossen, iwwert de Wee vun der direkter Hëllef.

Dat ass néideg ginn, well an der heiteger Fi-nanzsituatioun sinn d'Sue méi deier gi fir d'Pro-duzenten a si hunn an deene leschte Joren Avantage, Zësen a Kommissiounen verluer. Wéi des Éfteren, wann d'Émfeld sech geännert huet, hu mer et fäerdegbruecht, de Régime d'aide am audiovisuelle Secteur esou ze änne-ren, datt mer kompetitiv bliwwe si vis-à-vis vum Ausland an datt eis Filmschaffend weider hirem Beruff kënnen effikass nogoen.

Déi nei Aart a Weis, de Secteur ze ënnerstëtzen, erlaabt et net nëmme, international aktiv ze bleiwen. Neen, mir léisen de Problem och, deen entstanden ass, well d'Certificaten net méi esou fonctionnéiert hunn, wéi se sollten. An en plus beinhalt dëse Projet de loi och e Volet vun der Gouvernance, deen et erlabe wäert, datt d'Décisiounen méi séier, manner bürokratesch a méi onofhängeg geholl kënnen ginn. D'Rap-portrice ass an hirer détailléierter Ried op déi een-zel Ännerungen agaangen, an ech hunn och deem näischt méi zouzefügen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn iwwerzeegt, datt dëse Projet de loi et dem Secteur vun der audiovisueller Produktioun wäert erlaben, sech weider an engem interna-tional staarken Émfeld kompetitiv widerzë-entwéckelen an dann ze behaapten. Och wann et net Zil an Zweck vun eiser Fërderung ass an därer sinn, Präisser an Unerkennungen ze kréien, esou sinn ech awer iwwerzeegt, datt mat der Kreativitéit, dem Know-how, der Kom-petenz an dem Engagement, deen eis Filmschaffend Dag fir Dag hei zu Lëtzebuerg an am Ausland ënner Bewäis stellen, den Oscar fir den „Här Hublot“ sécherlech net dee leschten ass.

Ech soen lech elo scho Merci fir déi ganz breet Majoritéit, déi dëse Gesetzesprojet dann elo wäert, nodeems datt ech elo ofschléissen, kréien.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Mi-nister. Ech hunn d'Wuertmeldung vun der Madame Adehm, Parole après ministre, fir Pre-zisiounen.

► **Mme Diane Adehm** (CSV). - Ech wëll just erklären - wéinst deem ominéise Rapport an-nuel -, et ass esou, datt de Filmfong eng Kate-gorie huet, wou „The Film Fund“ steet. Da geet een dorobber klicken, da kënn ennen-drënn „Mission“, „Our Team“, „Annual Re-port“, a wann een an déi Kategorie geet „An-nual Report“, do stinn d'Rapports annuels just bis 2009.

Ech hu mech an Zwëschenzäit och opkläre ge-looss, datt et da ganz uewen am Eck rechts eng kleng Kategorie gëtt „Download Center“. Du sinn ech och doranner kucke gaangen, an do fënn een tëschent engem Sammelsurium vun Informatiounen dann effektiv ganz ënnen och iergendwou d'Rapports annuels.

Mä an der Kategorie „Rapport Annuel“ um Site vum Filmfong sti se net en tant que tels. Et muss een, wéi gesot, an den „Download Cen-ter“ siche goen. Dat wollt ech just soen.

► **Une voix.** - Très bien!

(Brouhaha)

► **M. le Président.** - Merci. Domat si mer um Enn ukomm a mir géifen iwwert de Projet de loi 6535 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6535 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Déi perséinlech Stëm-men. D'Procuratiounen. De Vote ass ofge-schloss.

De Projet de loi 6535 ass mat 57 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie An-drich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Fé-lix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Lau-rent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mo-sar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Barto-lomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Mme Cécile Hem-men et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Ro-berto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergeen. Dat ass de Projet de loi 6703, eng Ännerung um Gesetz iwwert d'Berufschamberen. D'Rie-dezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den hono-rabelen Här Georges Engel.

9. 6703 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base électorale

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative

► **M. Georges Engel** (LSAP), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kol-leegen, de Gesetzestext, iwwert dee mer haut ofstëmmen, huet als Haaptobjektiv, déi Pro-blemer, déi duerch d'Uerteel vum 19. Dezem-ber 2013 vun der Cour administrative opgeworf gi sinn, ze léisen. Bei dësem Uerteel geet et ëm d'Representatioun vun de Stats-beamten aus der Carrière supérieure an hirer Berufschamber.

D'Gesetz, wat am Moment a Kraaft ass - et ass dat vum 4. Abrëll 1924 -, leet d'Unzuel vun de Sëtz fir d'Kategorie A vun der Carrière supé-rieure an der Berufschamber vun de Stats-beamten op dräi Mandater fest. Am Ganze sinn et 27 Mandater. De Rescht vun de Mandater ginn ënnert de Beamte vun deenen anere Car-rière verdeelt.

Den Artikel 43ter vun deem Gesetz hält aus-serdeem fest: «Au sein de la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics aucune ad-ministration de l'État ni aucun établissement public ne peut occuper plus de deux mandats pour chacune des catégories A, B et C. Au sens des dispositions du présent article, l'ensei-gnement secondaire, secondaire technique, su-périeur et universitaire est à considérer comme formant une seule administration.»

De Sträit - dee sougenannten „Sträit“, wann een dat esou wëllt nennen -, dee schlussend-lech zu deem Uerteel gefouert huet, geet op déi lescht Wahle vun de Berufschamberen vun de Statsbeamten am März 2010 zrëck. Dee-mools hat d'CGFP no der Verdeelung vun de Sëtz zwee vun den dräi Mandater an der Kate-gorie A kritt. Dës zwee Sëtz sinn un zwee Beamten aus dem Enseignement gaangen.

D'Lëscht vun der APESS hätt theoretescherweis awer d'Recht op deen drëtte Sëtz gehat, mä well dës Lëscht jo just aus Beamten aus dem Enseignement besteet, par la force des choses, huet d'APESS en dunn net kritt. Dësen drëtte Sëtz ass der CGFP zeguttkomm an un ee Beam-ten, deen net an dem Enseignement ass,



gaangen. Esou sinn déi dräi Sätz an der Kategorie A un d'CGFP gaangen.

D'APESS war mat dëser Entscheedung net averstanen an huet reklaméiert. Mä de Regierungsrat huet d'Resultat vun de Wahlen, also och d'Verdeelung vun de Sätz, den 30. Abrëll 2010 awer validéiert an esou d'Reklamatioun verworfen. D'APESS huet dann e Recours géint d'Déisioun vum Regierungsrat ageluecht.

Den Tribunal administratif huet dann d'Cour constitutionnelle ageschalt, fir datt dës iwwert d'Constitutionnalitéit vum Artikel 43ter Abschnitt 5 vum Gesetz vum 1924 décidéiert.

An hirem Uerteel vum 9. März 2012 äntwert d'Cour constitutionnelle, datt den eventuellen Avantage, deen entsteet duerch d'Regelung vu maximal zwee Mandater pro Administratioun fir e Syndikat, deen d'Fonctionnaire vu verschiddenen Administratiounen representéiert, géintwuer engem Syndikat, dee just d'Intérêt vum enger Administratioun, wéi an deem Fall den Enseignement, vertritt, net kann a Considération gezu ginn, fir eng Analys vun der Constitutionnalitéit vun dëser legaler Disposition ze maachen.

D'Cour constitutionnelle werft awer op, datt muss ënnersicht ginn, ob dës Disposition net eng Inégalitéit tëschent de Kandidaten individuell schafft, well si mécht et méiglech, datt ee Kandidat, dee méi Stëmme krut, zugonschte vun engem mat Männer Stëmmen, mä aus enger anerer Administratioun, écartéiert gëtt. Hei werft d'Cour d'Fro no dem Prinzip vun der Egalitéit op, wéi en am Artikel 10bis vun eiser Constitution virgesinn ass.

Den Tribunal administratif huet a sengem Uerteel vum 30. Abrëll 2013 de Recours vun der APESS géint d'Déisioun vum Regierungsrat verworfen. D'APESS wollt dat awer net esou hinuelen an ass an Appell gaange bei der Cour administrative.

Dës huet sech op den Artikel 1 vun der Constitution bezunn, dee beseet: «Le Grand-Duché de Luxembourg est un État démocratique, (...)». Op Basis vun deem Artikel seet d'Cour, datt dësen net just fir d'Wahlen an der Chamber, also hei an der Chambre des Députés, gëllt, mä och fir d'Wahle vun de Beruffskummere, déi och an de legislative Prozess falen. Also muss déi definitiv Verdeelung vun de Mandater deem entsprechen, wat d'Wahlen erginn hunn.

Am Uerteel vum 19. Dezember 2013 huet d'Verwaltungsgericht dann décidéiert, datt den Arrêté vum Regierungsrat misst annulléiert ginn an datt d'APESS hire Sätz eigentlech zegutt hätt.

Laut deem Uerteel misst d'Regierung eng nei Déisioun huelen, wat d'Verdeelung vun de Sätz an der Kategorie A ugeet. Si kann dës drëtze Sätz awer der APESS net einfach esou zoudeelen, well dës contraire zum bestehende Gesetz wär. Een Dilemma.

Sou ass décidéiert ginn, deen drëtze Sätz bis zu den nächste Wahlen, déi am März 2015 stattfannen, net ze verdeelen. Dee bleift also onbesat bis an e puer Méint.

Eng Émännerung vum Gesetz ass also néideg ginn, fir eng gerecht Verdeelung vun de Sätz an der Carrière supérieure pro Administratioun souwéi eng proportionell Representatioun ze garantéieren. Dës Zil soll duerch déi virleidend Gesetzesännerung erreecht ginn.

Déi gesäit vir, datt zwou verschidde Kategorien an der Carrière supérieure geschafe ginn, eng fir Beamten aus dem Enseignement, Kategorie A, an eng zweet fir aner administrativ Beamten, Kategorie A1. Fir datt d'Unzuel vun de Mandater an der Berufschamber vun de Statsbeamten net muss an d'Luucht gesat ginn, sinn zwee Sätz fir déi nei Kategorie fir d'Beamten aus dem Enseignement supérieur an ee Sätz fir déi aner Beamten aus der Carrière supérieure virgesinn.

Dës Verdeelung entsprécht dem Rapport och tëschent de Beamten aus deenen zwou Kategorien. Tëscht 2010 an 2014 waren an der Carrière supérieure d'Beamten aus dem Enseignement zu duebel esou vill wéi déi aner Beamten.

De Statsrat souwéi d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hunn an hirem respektiven Avis keng weider Remarque formuléiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimad den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt den Här Paul-Henri Meyers fir d'CSV.

Discussion générale

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur, dem Här Georges Engel, villmools Merci fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport. Hien huet dat ganz ausféierlech gemaach, soudass ech eigentlech op de Projet de loi an op déi Émännerung net brauch zréckkommen. Ech soen och elo schonn, dass d'CSV dee Projet de loi wäert stëmmen.

Étant donné, dass awer den Ausléiser vun där Gesetzesännerung hei en Uerteel vum ieweschte Verwaltungsgericht war, erlaben ech mer, wat net Usus ass ëmmer, e bëssen iwwert den Tellerrand vum Projet erauszekucken, well et jo e bëssen aussergewéinlech ass, dass d'Chamber no engem Uerteel Gesetzestexte änneren geet. An ech mengen, dann ass et net vu Muttwëll, wann ee sech och e weeneg mat deem Uerteel selwer ofgëtt.

D'Cour administrative ass nämlech zur Schlussfolgerung komm, dass den Artikel 42 Alinéa 8 vum Règlement grand-ducal vum 17. Januar 1984 net konform ass mat dem demokratesche Prinzip, wéi en am Artikel 1 vun der Verfassung steet. Dee Moyer ass en appel vun der Cour selwer opgeworf ginn an esou tranchéiert ginn, wéi den Här Engel et développéiert huet.

Étant donné, dass et awer bei der Juridiction administrative keng Kassatioun gëtt, géif ech mengen, dass et net vu Muttwëll ass, wann een hei awer d'Fro opwërf, ob et net noutwendeg ass, esou wichteg Froen enger zweeter Instanz ze ënnerbreeden, wat hei net méiglech war. Dofir, mengen ech, ass déi Fro vun der Kassatioun och bei der Juridiction administrative ëmmer nach aktuell.

D'Institutionskommission huet sech verschiddelech mat där Problematik ofginn, an ech mengen, et sollt een déi Fro do net aus den Ae verléieren, well ech mengen, dass hei d'Cour administrative eigentlech selwer d'Motivatioun bruecht huet, firwat een eventuell esou eng Kassatioun sollt virgesinn.

Eng zweet Remarque betrëfft d'Aart a Weis, wéi d'Cour administrative dee Prinzip, den demokratesche Prinzip vum Artikel 1 vun der Verfassung, definéiert: Si definéiert e par rapport zu allen Institutionen vum Stat.

Wat d'Beruffschamberen ugeet, mengen ech, muss ee sech, och wann een dat Uerteel net sollt iwwerbewäerten, awer d'Fro stellen, ob all Dispositionen, net nëmme vun der Chambre des Fonctionnaires, mä och vun anere Beruffschamberen, da mat deem Prinzip konform sinn, wat d'Sätzverdeelung ugeet. An ech mengen, dofir wier et och an där Hisiicht net vu Muttwëll, wann ee géif eventuell déi Texte vun de Reglementer eng Kéier nokucken, fir do eng nei Iwwerraschung an där doter Hisiicht ze vermeiden.

Dat gesot, répétéieren ech nach eng Kéier, dass mer eisen Accord ginn zu där heiter Ännerung vum Gesetz.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Meyers. Nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech richteg gezielt hunn, dann änneren mer dat Gesetz haut fir d'32. Kéier ëm. Dat beweist jo och, datt et e Gesetz ass, wat permanent nogekuckt muss ginn. An an deem spezifesch Fall hei ass et ganz kloer, datt een awer och muss Verständnis hu fir d'APESS.

Mir sinn an engem demokratesche Rechtsstat. Wann een no Wahlen Urecht op e Sätz huet an et kann een awer net an de Genoss vun deem Sätz kommen duerch eng Rei Dispositionen, dann ass et evident, datt déi betreffend Gewerkschaft natierlech versicht, hiert Recht iwwer en anere Wee ze kréien. Duerfir ass et u sech richteg gewiescht, fir esou séier wéi méiglech elo hei ze légiférieren, ëmsou méi, datt mer jo och virun Neiwahlen elo stinn. Am Oktober geet am Fong geholl déi Procédure un, well d'nächst Joer dann déi Chamber ernéiert gëtt.

Erlaabt mer vläicht awer, am Numm vun der DP nach zwou Remarquen zu deem Gesetzesprojekt ze maachen:

Fir d'Éischt déi, datt et aus eiser Siicht richteg ass, wéi d'Regierung elo gehandelt huet, datt se elo kuerzfristeg dann awer dee Projet de loi hei op den Instanzwee bruecht huet, an datt et och richteg war vun der Regierung, fir elo net weider ze tranchéieren, ob der APESS soll dee Sätz hei zougesprach ginn oder net.

Eng zweet Remarque ass déi, an indirekt huet den Här Meyers dat och schonn duerchbléckt

gelooss: Ech mengen, mir sollten dee Reflexionsprozess allerdéngs haut net ophalen. Et sollt ee sech och Gedanken maachen engersäits iwwert dee juristeschen Aspekt, awer anersäits vläicht och iwwert d'Kompositioun vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, ob, wéi gesot, déi eenzel Kategorien elo dach nach wie vor op eng gerecht Aart a Weis Bestand hunn.

An deem Sënn wëll ech dann awer ofschléissend fir d'Éischt och nach dem Rapporteur e ganz grouse Merci aussprechen, dem Här Engel, an dann och gläichzäitig d'Zoustëmmung vun der DP bréngen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Graas. Den Här Roberto Traversini huet d'Wuert fir déi gréng.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).** - Merci, Här President. Ma och ganz kuerz wollt ech dem Rapporteur Merci soen. Do mierkt ee wierklech, datt en a sengem Element ass. An heimadder géif ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun Iech matdeelen.

► **M. le Président.** - Merci. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, loosse mer eis emol vläicht fir unzefänken, nodeem ech dem Här Rapporteur e Merci gesot hu fir eng ganz kloer Presentatioun, loosse mer eis emol eng Fro stellen: Wat ass eigentlech d'Chambre professionnelle des Fonctionnaires et Employés publics?

Do gëtt et verschidden Interpretatiounen. Et gëtt déi, déi am Gesetz ass. Et gëtt och eng ganz praktesch, déi mer hei erëmfinden an enger Wahlbrochur vun der CGFP aus dem Joer 2010 fir déi Sozialwahlen, iwwert déi mer hei schwätzen. An d'CGFP seet: «En d'autres termes, l'immense majorité de la Chambre n'est autre que le bras institutionnel de la CGFP.»

Do ass u sech näischt dergéint ze soen, wann dat d'Resultat ass vun engem faire Wahlprozess an net vun engem politesche Wëllen. Ech mengen, wann dat d'Resultat ass, datt eben d'CGFP esou vill Sätz duerch fair an oppe Wahle kritt huet, ass dat an der Rei. Awer et soll net d'Resultat vun engem politesche Wëlle sinn.

Hei hu mer e Wahlergebnis gehat 2010, wou d'APESS sengerzäit 26,91% vun de Mandater kritt huet an en Direktsätz kritt huet. A si stellt sech vollkommen zu Recht, wéi och den Här Graas et scho gesot huet, d'Fro: Wa Lëtzebuerg en demokratesche Stat ass, hu mir dann net d'Recht op eise Sätz? Eis Äntwert dorobber ass: Jo!

An do ass deen éischten Denkfeeler - also eiser Meinung no en Denkfeeler - vun der Regierung, deen eis als ADR op jidde Fall vun der Regierungsposition daitlech trennt. D'Regierung seet: „Mir hunn hei en Uerteel an dorobberhi musse mer légiférieren.“ Dat ass net d'Situatioun, wéi an engem demokratesche Stat sech de Problem stellt! De Problem huet sech no de Wahle gestallt! No de Wahlen 2010 wor offensichtlech, datt do eng Gewerkschaft hire rechtméisseg Sätz net konnt kréien. Deemools wëll sech schonn de Problem gestallt.

A wann dann eng demokratesch gesënnte Regierung dee Problem sollt analyséieren, da wär deemools schonn de Moment gewiescht, fir dat hei legislativ oder reglementaresch esou ze tritéieren, datt deen demokratesche Wëlle vun deene Leit, déi do gewielt hunn, géif respektéiert ginn, an net fir ze waarden op d'Enn vu Prozesser oder eventuell - wou ech awer elo net am Fong wëll géint eng Kassatioun an den administrative Couren hei rasonéieren -, mä awer net fir och nach zousätzlech Instanze sech ze wënschen, fir dat do eventuell nach eng Kéier iwwerpréieren ze loosse, wann ee Geriicht schlussendlech zu engem Avis kënnt, datt eng representativ, fräi a gerecht Wahl muss respektéiert ginn!

Mir fillen eis als ADR erënnert, wa mer esou eng Situatioun gesinn, un déi, déi mer och hei hunn an der Chamber mat dem Découpage a Circonscriptionen an esou weider, déi schlussendlech och drop erausleift, datt den demokratesche Wëllen hei am Land net vollstänneg respektéiert gëtt. Duerfir och déi Diskussiounen, déi mir hei iwwer eise Wahlsystem am Land hunn. Hei sinn eenzel Schwächte vun ähnlecher Natur ze erkennen.

An dann, wann deemools schonn d'Regierung net dat gemaach huet, wat se hätt misse maachen, nämlech dem Wahlergebnis Rechnung droen an doduerch légiférieren, also eis froen, fir ze légiférieren oder reglementaresch Ännerungen virzehuelen, firwat soll een dann net elo nach der APESS, och wann et spët ass, dee Sätz ginn, dee se zegutt huet? Et géif Méiglechkeete ginn.

Mir kéinten, wa mer schonn hei d'Gesetz änneren, och d'Gesetz änneren, datt déi Gewerkschaft elo nach hire Sätz kréich. Mir kéinten och reglementaresch, well et am Gesetz virgesinn ass - och wann do vläicht eng Kontradiktioun ass tëschent engem Règlement grand-ducal an deenen aneren Artikelen vum Gesetz, mä ëmmerhin ass et am Gesetz virgesinn -, nach eng Ëmverdeelung do maachen, wéi d'Gesetz et virgesäit, fir nämlech méi Mandater an der Carrière supérieure virzugesinn, well einfach d'Kräfteverhältnis tëschent deene verschiddene Gruppe sech fundamental geännert huet.

Ech ginn Iech e Beispill. 2010 waren an der Carrière supérieure 5.707 Électeurs an der Kategorie C 7.985. Dobäi hat d'Carrière supérieure dräi Mandater an d'Kategorie C hat der néng. Also eng Différence vun eent op dräi, während nëmme 2.000 Électeurs Ënnerscheed sinn. Et wär also Ursach do, fir dat do ze änneren, elo ze änneren oder scho geännert ze hunn, amplaz elo ze soen: „Ma mir légiférieren a mir verdeelen deen drëtze Sätz net.“ Hei sinn einfach Ongläichgewichter!

Et steet och net an deem Gesetz, an duerfir, Här Minister, froen ech Iech et: Wéi sinn dann déi Zuelen 2014? Dir sot, den Écart huet sech nach creuséiert zugonschte vun den Enseignanten. Mä wéi sinn dann déi aktuell Zuelen? A wär déi flagrant Ongerechtegkeet schonn an der Verdeelung vun de Mandater net schonn Ursach genuch gewiescht, fir dat do ze redresséieren?

An der proportioneller Rechnung hätt deemools schonn, deemools 2010 bei de Wahlen, d'Kategorie A véier Mandater misse kréien, a proportionell wär d'Kategorie C deen Abléck bei fënnf Mandater gewiescht. A Realitéit wor et dräi zu néng, wat dës Problem, dee mer elo hunn, zum Deel mat bedéngt.

Ech wëll hei anekdotenhaft och nach soen - mat engem Iwwergang vläicht, fir ze soen, wéi ongerecht déi Mandater verdeelt sinn -, et gëtt eng Kategorie, d'Kategorie F, dat ass déi vun de Ministres du culte catholique, déi hätt normalerweise 0,2 Mandater zegutt. Si huet awer een. Ech kritiséieren dat net. Ech sinn dee Leschten, deen de Ministres du culte catholique dat wëllt ewechhuelen.

Mä et ass interessant, fir ze kucken, wéi de Maître Vogel, d'Étude Vogel hei rasonéiert huet, déi d'CGFP vertrueden huet. An dat schéngt mer interessant, datt virzeliesen, well u sech d'Étude Vogel hei - an dat ass ëmmer agréabel ze liesen - dach seet, wéi wäertvoll déi Rotschléi vun der kathoulescher... oder vu Katholiken sinn: «D'ailleurs, attribuer le mandat strictement d'après un seul critère arithmétique...»

Ech gesinn, meng Zäit ass ofgelaf, Här President, duerfir kieren ech dat of.

► **M. le Président.** - Dat ass...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dat ass awer ganz interessant.

► **M. le Président.** - Da brauch ech net aktiv ze ginn.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dir braucht et net, ech maachen et selwer.

Mä op jidde Fall, d'Raisonnement ass eben, d'Représentants du culte catholique hätten nëmme 0,2 Mandater. An d'Étude Vogel seet dozou, dat wär awer keen Argument, well de Représentant vun hinne «apporte cependant une contribution fort utile et appréciée de préceptes moraux et sociaux». An där Meinung si mir och.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Kartheiser. Dann huet d'Wuert de Fonction-publiques-Minister, den Här Dan Kersch.

(Interruption)

Oh, ech sinn ontréischlech, Här Turpel! Fallschen Alarm, Här Kersch, et deet mer leed.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Merci. Dat ass mer an der Chambre professionnelle ni geschitt, datt ech als eenzeggen Net-CGFPs-Member während 20 Joer do ignoréiert gi sinn. Dofir sinn ech frou, datt ech dann awer elo nach d'Wuert ka kréien.

► **M. le Président.** - Oh, et ass ganz schwéier, Iech ze ignoréieren.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Merci, Merci!

D'Chambre professionnelle vun der Fonction publique sollt eigentlech schonn 1924 agefouert ginn. '21 hu mer iwwerhaapt d'Chambres professionnelles agefouert, an do war scho virgesinn, '24, fir eng Chambre vun der Fonction publique anzeféieren, déi awer eréischt 40 Joer duerno - 1964 - agefouert ginn ass.

A wéi se agefouert ginn ass, ass eppes festgehale ginn, wat elo zu deem Problem féiert, mat deem mer hei konfrontéiert sinn. Dat ass nämlech deen, datt mer engersäits a Kategorie wéi vu Carrière supérieure, Carrière inférieure,



Carrière moyenne, Enseignanten, Gemeindebeamten, an Employéen neierdénge, déi et deemools nach net gi sinn.

En plus seet d'Gesetz, datt keng Verwaltung beim Stat, awer just beim Stat, vun de Fonctionnaires - dat ass just d'Carrière supérieure, d'Carrière inférieure an d'Carrière moyenne, do zielen d'Employéen net derzou an do zielen d'Gemengen net derzou an do zielt och den Enseignement net derzou -, datt a kenger Verwaltung méi wéi zwee Leit dierfte genannt ginn. An dat ass jo hei, wou mer de Problem hunn. Doduerch, datt vun der CGFP zwee Leit aus dem Enseignement an der Catégorie supérieure genannt waren, krut d'APES do dee Posten dunn dee Moment net.

Ech mengen, all Mënsch ass hei d'accord, fir ze soen, datt dat net gerecht ass an datt een esou net ka virgoen. Well d'Tatsaach, datt d'APES dee Posten net kritt huet an d'CGFP dee Posten zousätzlech kritt huet, féiert zweemol zu enger Ongerechtegkeet, déi net d'Wahlresultat respektéiert. Éischtens ass d'Wahlresultat net respektéiert, well d'APES net vertrueden ass an der Chambre professionnelle, an zweetens ass d'Wahlresultat net respektéiert, well eng aner Gewerkschaft ee Sëtz méi kritt wéi deen, deen d'Wiel hir ginn haten.

An eigentlech hätt do scho vill éischter misse reagéiert ginn. Ech wëll drun erënneren, datt an de 70er Joren eng ähnlech Situatioun war mat der Bréifdréieschgewerkschaft an der Carrière inférieure, d'Bréifdréieschgewerkschaft, déi haaptsächlech bei der Post, wéi hiren Numm et seet, aktiv war an och opgrond vum Wahlresultat ëmmer een Delegéierten hat, mä déi Gewielten, déi sinn ni drukomm, well vun der Post schonn erëm eng kéier zwee CGFPs-Leit gewielt waren, déi méi Stëmme hate wéi si.

Dofir ass d'Bréifdréieschgewerkschaft hi-gaangen a si huet eng Astuce gemaach: Si huet ëmmer aus enger anerer Verwaltung nach ee Kandidat gehat. An och wann dee vun de Bréifdréier dee Leschtgewielte war, ass deen da Member gi vun der Chambre professionnelle - wat och net eng korrekt Wahrnehmung war vum Wielwëllen an deem Secteur. Also hätt do scho vill éischter misse reagéiert ginn.

Dee Problem huet sech geléist, wéi d'Bréifdréieschgewerkschaft vun der CGFP opgeholl ginn ass. Mä de Problem generell ass awer net geléist.

Elo proposéiert d'Regierung hei eng Léisung, déi menger Meenung no eigentlech keng ass fir den aktuelle Problem! D'Regierung proposéiert, an der Carrière supérieure ze splitten, engersäits fir d'Schoulen, dat heescht, déi Verwaltungen, déi wielen da fir sech, an dann anersäits fir de Rescht vun der Carrière supérieure. D'Schoule wielen der dann zwee an de Rescht vun der Carrière supérieure wíelt een. Dat bleift da beim Total vun dräi, mä si wíele getrennt.

Wat trotzdem als Konsequenz huet, datt een, fir eranzekommen an d'Chambre professionnelle, elo méi en héije Prozentsaz brauch bei zwee an deem Grupp wéi virdu, wou et der dräi waren. Bei engem Nombre électoral konnt ee virdu mat 25% ee kréien, elo brauch een 33% vun de Stëmmen. An ech huelen och un, datt eng Rei Leit drop spekuléieren, datt d'APES zwar méi wéi 25% hat, mä net méi wéi 33%. Mä dat ass awer reng spekulativ, well dat, wat sech jo ännert, dat ass, datt de Corps och ännert an elo just d'Enseignanté wielen, also d'Proffe wielen, an d'APES da vläicht op dee Chiffer kënnt.

Mä et féiert awer dozou, datt mer hei an engem Trend dra sinn, wéi dat de leschte Samschdeg am „Land“ stoung, vu d'Förderung vu Majorzsystemer, dat heescht, datt een ëmmer méi an heiansdo och elo lues a lues ëmmer muss déi absolut Majoritéit hunn, fir iwwerhaupt nach iergendwou gewíelt ze ginn.

En plus ass et haaptsächlech keng Léisung fir déi jëtzeg Situatioun. Dat heescht, d'APES bleift dobause laut där Proposition, déi mer hei stëmmen. An dat ass eppes, deem mir net kënne zoustëmmen. Dat ass eng Pseudoléisung fir e Problem, dee konkret a reell ass an hei net konkret an net reell geléist gëtt!

Ech wollt och dozou nach zwee Wieder soen. Dat Éischt, datt ass, wann een un d'Chifferen, un de Proporz ännere geet, da muss een awer d'Gesamtziel an d'Luucht setzen, well awer d'Gesamtziel sech geännert huet, well soss strouft een erëm eng kéier a Kategorie Leit, wou dann och Gewerkschaften, déi elo gewíelt ginn, net méi kënne gewíelt ginn, well se dann am Proporz net méi kënne drukommen.

An dee leschte Saz ass deen, datt mer eis souwéiso mussen Froe stellen iwwerhaupt iwwert d'demokratesch Gepflogenheeten an

der Fonction publique. Déi Regierung virdu, déi hat emol eng gutt Initiativ geholl. Dat war déi, fir ze soen, mir féieren emol demokratesch Personalverriederwahlen a beim Stat, wou all Statsbeamte seng Delegéiert selwer ka wielen a wou dat net iwwer Associatiounen an esou wider leeft. Si huet dat awer an engem Kompromëss, dee se am Kader vum Gehälteraccord mat der CGFP geschloss huet, erëm ofginn.

An ech stelle mer d'Fro, ob demokratesch Personalverrieder bei de Wahlen - iwwerhaupt e bësse méi Demokratie! - net eng Noutwendegkeet wíeren an och eigentlech opgrond vun den OITs-Konventionen virgeschriwwen wíeren. An ech mengen, et géif Zäit ginn, datt mer e Schrack an déi Richtung géife maachen an net an déi ëmgedréite Richtung.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Turpel. An elo huet d'Wuert de Fonction-publiques-Minister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Merci, Här President. Ech wíelt vläicht ufänke mat engem grouse Merci un de Rapporteur an un d'Kommissioun fir deen exzellente Rapport, dee mer hei héieren hunn.

Ech mengen, ech gehéieren net zu deene Leit, déi nach eng kéier dat widerhuelen, wat Der elo grad hei vum Rapporteur en large duergeluecht kritt hutt. Ech mengen, en huet wierklech ganz genau d'Situatioun beschriwwen an och virun allem beschriwwen, firwat dass d'Regierung hei an der Situatioun war, dass huet misse gehandelt ginn.

Ech deelen, an dat wíell ech hei ganz kloer soen, d'Aschätzung vum Här Meyers. Ech mengen, dass dat Uerteel, mat deem mer eis hei mussen ausenansetzen, eng ganz Rei vun anere Problemer opwéert. En huet eng vun de Léisungspisten hei initiéiert. Dat ass déi, fir eng kéier ganz seriö driwwer ze diskutéieren, ob een net eng Cour de cassation bei der Cour administrative bräicht. Ech sinn der Meenung, dass dat eng vun deenen Iddien ass, déi ee misst weiterverfollegen, och opgrond vun der Problematik, déi mer hei duergeluecht kritt hunn.

Den Här Gusty Graas huet gesot, mir missten de Reflexiounsprozess weiterféieren. Ech deelen déi Aschätzung. Och vläicht als Reaktioun op dat, wat den Här Turpel elo zum Schluss gesot huet: Mat deem heite Gesetz sinn net alle guerten d'Diskussionen iwwert de Funktionement vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an och net vun deenen anere Beruffschamberen eríwwer. Dat ass ganz richtig. An deen Usproch hate mer hei och guer net.

Mir haten - an dat wíell ech awer zum Zäitpunkt soen, wéini dass dës Regierung reagéiert huet - eng Situatioun virfonnt, déi een u sech ka beschreiwen als e Knuet, deen een huet musse léisen. An ech mengen, dass déi Léisung, déi mer hei fonnt hunn, engersäits gewísen huet, dass dës Regierung gewíllt ass, déi demokratesch Wahlresultater och unzëererkenne, an anersäits awer och gewíllt ass, ze léigiféieren, wann duerch iergendwelch widerspréichlech Aussoen an deenen eenzelne Gesetzestexter déi demokratesch Wahlprozedur riskéiert, net agehalen ze ginn. Dat ass dat, wat mer mat dësem Gesetz maachen an och mat deene Reglementer, déi nokommen, déi mer och nach mussen deementsprechend upassen.

Ech wíelt just nach eppes soen iwwert d'Ziel vun deenen eenzelne Carrièren, déi an der Chambre vertruede sinn. Ech mengen net, dass d'Ziel vun deene Leit, déi an deenen eenzelne Carrièr schaffene, deen eenzege Kritär ass, deen iwwert d'Ziel vu Leit ka bestëmmen, déi herno an der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics dra sinn.

Den Här Turpel huet schonn ee Grond ginn, firwat dass dat net kann de Fall sinn, mä ech kann lech awer och nach een anere soen: Wa mer dat géife maachen, da géif dat dozou féieren, dass d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics lues a lues géif zu enger Chambre de l'Enseignement mutéieren. An ech mengen, dass dat weder am Intérêt vum Enseignement wär nach am Intérêt vun der gesamter Fonction publique. A virun allem déi Leit aus dem Enseignement halen drop, dass si ee Bestanddeel, ee feste Bestanddeel vun der Fonction publique sinn a bleiwen. An dofir mengen ech net, dass et richtig wär, ëmmer nëmmen als eenzege Kritär d'Ziel vun deenen eenzelne Beamten an deenen eenzelne Verwaltungen ze kucken, fir dann d'Representatioun an der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ze bestëmmen.

Dat gesot, nach eng kéier villmools Merci fir d'Mataarbechter an der Kommissioun, an ech hoffen, dass dëse Gesetzesprojet op eng grouss Zoustëmmung an der Chamber kann treffen.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Minister. A mir géifen...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President!

► **M. le Président.** - Jo?

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech wollt just dem Här Minister nach eng kuerz Fro stellen.

► **M. le Président.** - Wann den Här Minister dermat d'accord ass,...

(Interruption)

...respektiv, wann Dir Parole après ministre frot.

(Interruption)

Neen, eng Fro a Parole après ministre sinn zwou verschide Saachen.

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Ech sinn ëmmer op fir Är Froen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Majo, villmools Merci. Ech hu just gesinn, Här Minister, Dir hutt jo selwer an deem Projet de loi gesot, Dir géift déi Zuele kennen, elo 2014, an Dir hutt jo déi Evolutioun verfollegt. An ech wollt ebe just nach eng kéier nofroen, fir déi aktuell Zuele gewuer ze ginn. Quitte datt Dir vläicht aner Konklusiounen aus deenen Zuelen zitt, wéi ech se géif zéien, mä vu datt Der déi Zuele kennt a se awer net an de Projet de loi geschriwwen hutt, wär et awer interessant, fir ze gesinn, wéi déi effektiv Verhältnisser am Abléck sinn.

Villmools Merci.

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Menge leschten Informatiounen no hu mer 3.200 Leit, déi am Enseignement schaffen an der Carrière supérieure.

► **M. le Président.** - Merci. Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun a mir géifen dann iwwert de Projet de loi 6703 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6703 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6703 ass mat 55 Jo-Stëmmen, géint 5 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann zu dem leschte Punkt vun eise Ordre du jour. Dat ass den Ofännerungsvorschlag vun eise Chambersreglement, an et geet do ëm den Deontologiescode fir d'Deputéiert. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Alex Bodry.

10. 6691 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés portant introduction d'un Code de conduite des députés

luxembourgeois en matière d'intérêts financiers et de conflits d'intérêts

Rapport de la Commission du Règlement

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dëser Ofännerung vun eise Chambersreglement begi mer eis, wéi vill aner Parlamentarier och, op de Wee, fir en zesummenhängenden Text ze ginn, wou d'Verhaltensregele festgeluecht gi fir d'Deputéiert, wéi se hir Fonctioun sollen ausféieren.

Dat ass Neiland fir d'Lëtzeburger Chamber, well mer bis elo an eise Reglement nëmme verschidden eenzel Bestëmmungen haten, notamment d'Deklaratioun, déi d'Deputéiert ofginn. Mä fir de Rescht feelt et eigentlech un engem zesummenhängenden Text. Dee gi mer eis heimadder. Mir maachen dat net à la vavite, mä nodeems mer eis intensiv mat där Problematik do befaasst hunn.

Ausléiser fir deen neien Effort, fir sech esou e Verhaltenskodex ze ginn, war eng Resolutioun, déi, mengen ech, eestëmmeg vun der Chamber ugeholl gi war den 13. Oktober 2011 am Zesummenhang mat der sougenannter Affär Léiweng/Wickreng, wou gefrot gi war vun der Chamber, dass fir d'Deputéiert, fir d'Ministernen, mä awer och op lokalem Plang, fir déi lokal Responsabel, fir d'Fonctionnaire sollte Verhaltensregeln, deontologesch Verhaltensregele festgeluecht ginn.

Et ass normal, dass e Parlament sech selwer déi Regele gëtt. Et ass net un der Regierung, fir dem Parlament esou ethesch Regeln ze ginn, mä dat kann nëmmen d'Parlament selwer maachen. Dat maache mer haut iwwert déi Ofännerung vun eise eegene Chambersreglement, wat jo op der Grondlag vun der Verfassung geholl gëtt an domadder och e staarken Effet eigentlech huet.

D'Virarbechte vun deem heiten Text ginn eigentlech op d'Enn vum Joer 2011, 2012 zrëck, wou mer deemools an der Institutionskommissioun versicht hunn, eis schlauzemaachen, wat dee beschte Wee wär, dee mer sollte goen. An nodeems mer sämtlech auslännesch Texter gekuckt hu vun eisen Nopeschlänner an deenen eenzelne Parlamentarier, hu mer schlussendlech, an dat war, géif ech souguer soen, Eestëmmegkeet sengerzäit, d'Optioun geholl, eis ze orientéieren un dem Text, dee fir d'Europarlamentarier gëllt. Aus zwou lwwerleeungen: éischtens well et e relativ rezenten Deontologiestext war, dee sech e Parlament ginn hat, an zweetens och doduerer, well de Prinzip da respektéiert gëtt, dass Lëtzeburger Parlamentarier, ob se am Europaparlament sinn oder ob se Member vun dëser Chamber sinn, deeneselwechte Regeln ënnerworfen sinn.

Mir hunn dat diskutéiert an engem internen Aarbechtsgrupp, deen d'Kommissioun agesat hat, deen zesummegeat war aus den Häre Meyers, Braz a Bodry an der Madame Polfer. A mir hu sengerzäit ufanks Mäerz 2013 en Text provisoroesch festgehale gehat, deen och éffentlech virgestallt ginn ass, an et sollt ofgewart gi bis zu där Bewäertung vum GRECO, dat heescht also vun deem Zesummeschluss vun de State vum Conseil de l'Europe, déi sech verschwuer hunn dem Kampf géint d'Korruptioun, bis de GRECO also eng Bewertungsmissioun fir Lëtzebuerg ofgeschloss hätt, wou an dësem Bewertungszyklus vun 2013 grad déi Fro vun der Korruptioun vun de Parlamentarier a vun de Magistraten den Hauptpunkt war.

De GRECO huet am Juni 2013 seng Aarbechten ofgeschloss. Entre-temps ass och dee Rapport iwwer Lëtzebuerg public. An am Februar dëst Joer hu mer d'Aarbechten dann erëm opgeholl an der Institutionskommissioun. An déi Aarbechte si weidergereecht ginn un d'Reglementsmissioun, an Dir hutt also elo e Rapport virleie respektiv och zënter gëschter oder de Moien nach e Rapport complémentaire.

D'Ausrichtung bleift, dass mer eng Rei vu Regeln androen an eist Reglement vun der Chamber, déi sech also op sämtlech Deputéiert applizéieren a wou mer Neiland fir Lëtzebuerg beschreiden. Neiland an deem Sënn, dass mer éischtmoleg op d'Fro vum Interessekonflikt aginn, dass mer dorop aginn, och d'Fro ze regelen, wéi ee mat Kaddoen an aneren Avantage ëmzegoen huet, respektiv wéi och d'Fro soll geregelt ginn, wat d'lwwerhuelen duerch Drëtter vu Reeskäschen a Logementskäschen vun Deputéierten ugeet.

lwwer all déi Froe sinn et bis elo eigentlech zu Lëtzebuerg keng festgeschriwwen Regele ginn. Ethik gëtt et selbstverständlech och ouni Texter. An ech denken, dass och déi ethesch Regeln, och wa se net niddergeschriwwen sinn, hei vun all Mënsch respektéiert ginn. Mä heiansdo